Gemeng
Biissen

NUIT DU SPORT 2021

FAQ

Dëst Dokument hält di konkret Ëmsetzung vun de Mesuren um Site fest. Als Basis gëllen Mesuren di am sanitäre Konzept den 16.05.2021 an Kraaft getrueden sinn. All Grupperesponsabel ass selwer verantwortlech sech wärend sengem Openthalt un déi aktuell an zoutreffend Recommandatioune vum Ministère de la Santé ze halen. D'Gemeng Biissen kann net verantwortlech gemaach ginn falls ee Grupp sech net un déi sanitär Mesuren hält.

Inhalter

1. Wéini muss een eng Mask unhunn?
2. Wou kann ee sech seng Hänn desinfizéieren/wäschen?
3. Ginn et Restriktiounen bei der Zirkulatioun um Site?
4. Wéi gi mir mam Material em dat vu méi Persoune genotzt gëtt?
5. Wéi ginn d'Openthaltsberäicher (Vestiairen) agedeelt ?
6. Wéi gëtt d'Botzen vum Site organiséiert?
7. Wei ass d'Iessen organiséiert?
8. Plang vum Site - Accueil Gruppen
9. Mesuren op den eenzelen Aktivitéiten

1. Wéini muss een eng Mask unhunn? Et gëllt eng generell Maske Flicht um ganze Site. Ausser wärend dem Iessen oder wann de Mindestofstand kann agehale ginn.
2. Wou kann ee sech seng Hänn desinfizéieren/wäschen? An der Entrée vum Site steet e Spender mat Désinfectant. Op all Atelier um Site ginn et zousätzlech Méiglechkeeten seng Hänn ze desinfizéieren.
3. Ginn et Restriktiounen bei der Zirkulatioun um Site? D'Leit sollen bei der Zirkulatioun iwwert de Site oder duerch d'Gebai hir Mask unhunn. Plazen a Raimlechkeeten wou Gruppen sech ophalen sinn vun aneren Leit, di näischt mam Grupp ze dinn hunn, ze evitéieren.

4. Wéi gi mir mam Material em dat vu méi Persoune genotzt gëtt? Grondsätzlech gëllt, dass Material ëmmer nëmme vun enger Persoun soll genotzt ginn. Bei Material wat aneren zur Verfügung gestallt gëtt, gëllt dat dëst no all Gebrauch muss desinfizéiert oder ofgewäsch ginn. Dee Mataarbechter, deen Material raus gëtt, muss sech och em d'Desinfizéieren respektiv d'Mise en Quarantaine vum Material mat enger Mindestzäit vun 48 Stonnen këmmeren.
5. Wéi ginn d'2 (Vestiairen) agedeelt? Mir verzichten ganz op d'Notzung vun den Vestiairen. Dofir ass et wichteg, dass d'Leit hier eegen Kleeder an Material an engem Rucksak oder Tut bei sech halen an och net aus den Aen loossen.
6. Wéi gëtt d'Botzen vum Site organiséiert? D'Botzpersonal huet d'Uweisung all Raum, d'Sanitären a besonnesch och di eenzel Points de contacts (Klenschen etc.) méi reegelméisseg, och mat Désinfectant ze botzen.
7. Wei ass d'Iessen organiséiert? Foodtrucken wäerten um Site verdeelt sinn an fir Iessen suergen. Et dierfe net méi wéi 4 Persounen un engem Dësch setzen. All Visiteur soll säin eegene Bidon dobäi hunn.
8. Plang vum Site.
9. Mesuren op den eenzelen Aktivitéiten. D'Encadrants deelen d'Gruppen an déi definéiert Openthaltsplazen an, wa se ukommen. D'Aktivitéite sinn de Covid-Mesuren ugepasst. Et besteet Maskepflicht op all den Aktivitéiten wann 2 Meter Ofstand net kennen agehale ginn. Virun, wärend a no der Aktivitéit besteet Méiglechkeet seng Hänn ze wäschen oder ze desinfizéieren. D'Material gëtt vun den Accompagnateuren (Déi hunn virdrun d'Hänn desinfizéiert) un d'Leit verdeelt. All Persoun kritt säin Material an et gëtt net ënnereneen getosch. Material gëtt souwäit dat méiglech ass no der Aktivitéit ofgewäsch oder desinfizéiert. Feedbackbéi si wärend Covid-19 net méiglech, aner Methoden ouni Material ginn dofir genotzt.